



Diagnostik an Hëllef

# DYS-POSITIV





## Wat ass den Dys-Positiv?

Den Dys-Positiv ass eng multi-disziplinär Ekipp déi op Diagnostik an Interventioun fir Léierstéierunge spezialiséiert ass.

D'Ekipp besteet aus verschiddene Professionellen déi an de Beräicher vun der Psychologie, Orthophonie, Ergotherapie, Educatioun a Pedagogie forméiert sinn.

Gegrënnt ginn ass eise Service 2012 vun der Associatioun Caritas Jeunes et Familles. Haut gi mir iwwer eng Konventioun mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend finanziell an eiser Missioun ënnerstëtzt.

## Wien ass eis Zilpopulatioun?

Mir begleede Kanner a Jugendlecher déi zu Lëtzebuerg scolariséiert sinn a Schwierigkeeten a folgende Beräicher hunn:

- Liesen (z.B. eng Dyslexie)
- Schreiwen (z.B. eng Dysorthographie)
- Rechnen (z.B. eng Dyscalculie)

## Wat ass eis Missioun?

Eist Haaptzil ass et, Schüler mat Léierschwierigkeeten dobäi ze ënnerstëtzen, hiert Potenzial ze entfalten. Mir hëllefe virun allem dobäi:

- Lies-, Schreif- a Rechefäegkeeten auszubauen
- Léierstrategien ze entwéckelen
- D'Loscht um Léieren erëmzeffannen an dem Schüler säi Selbstvertrauen ze stäerken

## Woura genau besteet eis Aarbecht?

**Eis Aufgab ass et ze evaluéieren, ze fërderen an lech ze begleeden.**

Mir proposéieren :

- Eng ëmfaassend Evaluatioun mam Zil eng Diagnos ze stellen
- Eng individualiséiert Therapie déi un d'Besoine vum Schüler ugepasst ass
- D'Koordinatioun mat aneren implizéierte Servicer
- Eng spezialiséiert Begleedung fir Elteren a Form vun diverse Berodungs- an Ënnerstützungs-moosnamen.

## Wie ka sech un de Service Dys-positiv wenden?

All Elteren oder gesetzlech Verrieder vun engem Kand mat Léierschwieregkeeten

## Wou fannt Dir eis?

Mir schaffen zu Jonglënster an zu Rëmeleng:

- 12, route de Luxembourg  
L - 6130 Junglinster
- 9, rue des Artisans  
L - 3217 Rumelange

## Dir braucht méi Informatiounen?

Zéckt net ons ze kontaktéiere fir all Är Froen oder fir ee Rendez-vous:

**Mail : [contact.dys-positiv@cjf.lu](mailto:contact.dys-positiv@cjf.lu)**

**Tél : +352 26 432 438**

**Websaït : [www.cjf.lu](http://www.cjf.lu)**

